

November/Dezember 2019

OP DE PUNKT.

KONTAKT - AN INFORMATIIONSBLAT VUN DER CSV GEMENG PÉITENG



© Foto: Jean Weiler

INVESTISSEMENT AN D'EDUCATIOUN AN D'BETREIUNG VUN EISE KANNER

Nodeems de 17. Juni 2019 de Projet vum Gemengerot eestëmmege beschloss gouf, ass mat der öffentlecher Ausschreibung vum 4. Oktober 2019 betreffend d'Aarbechte ronderëm déi al Spillschoul "Gehren", de Startschoss gefall fir d'Ëmgestaltung an den Ausbau vun de Betreuungsstrukturen am Interêt vun eise jéngste Matbierger an der Uertschaft Rolleng.

De Bevëlkerungszouwuess zu Rolleng, den ënner anerem duerch d'Gemeindelotissement "An Atzengen" awer och an Zukunft mat der Realisatioun vu weidere Lotissementer erwaart gëtt, verlaangt zousätzlech Capacitéite fir eng kannergerecht Betreierung garantéieren ze kënnen.



FR

INVESTISSEMENT DANS L'ÉDUCATION ET L'ACCUEIL DE NOS ENFANTS

Après le vote à l'unanimité du 17 juin 2019 par le Conseil Communal du projet de réaménagement et agrandissement de l'ancienne école préscolaire « Gehren » à Lamadelaine, la première adjudication publique concernant les travaux de terrassement a marqué en date du 4 octobre 2019 le coup d'envoi pour un projet destiné à accueillir les plus jeunes citoyens de la localité de Lamadelaine.

L'accroissement de la population de Lamadelaine, prévu notamment suite à la réalisation du lotissement communal « An Atzengen », mais aussi en raison de la réalisation d'autres lotissements dans le futur, exige la création de capacités supplémentaires, afin de faire face à l'augmentation du nombre d'enfants scolarisés et aux demandes d'accueil d'enfants



Dat bestoend Gebai wat zum Deel aus de 70er Joren ass, esou wéi den Ubau aus dem Joer 2003, entsprechen haut, a villen Hisiichten net méi den aktuellen Ufuerderungen.

Nodeems déi lescht Jore substanzuell an d'Primärschoul « Beim Tételbiereg » investéiert ginn ass fir dem Bevëlkerungszouwuess Rechnung ze droen, gëtt soumat och elo mam Schafe vun engem neie Campus, wou Spillschoulsklassen (fir bis zu 120 Kanner), d'Education précoce (bis bis zu 40 Kanner) an och d'Kannerbetreiung an enger Maison Relais (fir 120 – 130 Kanner) ënnert engem Daach stattfanne sollen, d'Kannerbetreiung laangfristeg an der Uertschaft Rolleng ofgesécher. Nieft de Betreiungsstrukturen gëtt och nach eng Produktiounskichen ageriicht fir esou ronn 450 Menuën pro Dag fir d'Maisons Relais vun Rodange a Rol-

leng zoubereeden ze kënnen.

Dëse Projet den eng Gesamtfläch vun 2.300 m² ëmfaasst, a fir dee 15.776.000 € am Budget virgesi sinn, gëtt no den neisten ekologesche Standarde realiséiert. Esou gëtt nieft der Sonnenenergie fir d'Heizen a fir Strom ze produzieren och Reewaasser gesammelt fir d'Sanitärinstallatiounen ze bedriewen.

D'Aarbechte sollen an den nächste Woche lass goen a bis September 2022 ofgeschloss sinn.

ANDRÉ MARTINS DIAS



qui de nos jours ne cessent de croître.

Le bâtiment existant, qui date des années 70 avec l'annexe datant de l'année 2003 ne correspondent aujourd'hui plus aux standards actuels.

Après des investissements substantiels dans l'école primaire « Beim Tételbiereg », engagés ces dernières années en prévision de l'accroissement de la population, le jour est venu de moderniser et d'agrandir les structures destinées aux enfants de l'école préscolaire et de l'éducation précoce.

Le nouveau campus permettra non seulement d'accueillir jusqu'à 120 enfants au niveau de l'école préscolaire et jusqu'à 40 enfants au niveau de l'éducation précoce, mais augmentera également les capacités d'accueil par la création d'une nouvelle maison relais pouvant accueillir 120 à 130 enfants, et tout ceci dans un même bâtiment.

A côté des structures d'accueil, une cuisine de production sera aménagée, permettant ainsi de préparer environ 450 menus par jour pour ainsi desservir les maisons relais de Lamadelaine et de Rodange.

Ce projet portant sur une surface totale de 2.300 m² et dont le budget prévisionnel est de 15.776.000 € est réalisé selon les derniers standards écologiques. Ainsi, à côté de l'utilisation de l'eau de pluie pour les installations sanitaires, il est également prévu de recourir à l'énergie solaire pour le chauffage et la production d'électricité.

Le début des travaux est prévu pour les semaines à venir et ces derniers devraient être terminés pour la rentrée en septembre 2022.

ANDRÉ MARTINS DIAS

WISOU HUET DEN ROMAIN BECKER (DÉI GRÉNG) OP EN DÉPUTÉIERTEPOSTEN VERZICHT ?

D'CSV ass iwwerrascht dat de Romain BECKER (Déi Gréng), wéi hie kierzlech d'Geleeënheet hat fir an d'Chambre des Députés nozeréckelen, op de Posten als Deputéierte fir de Bezierk Süde verzicht huet.

Hien war un der Rei fir nozeréckelen, an hätt sech als drëttén Deputéierten aus eiser Gemeng soumat op nationalem Plang a wichtegen Dossieren, wéi ënner anerem d'Berouegung vum Duerchgangsverkéier op der Avenue de l'Europe duerch de Bau vun engem Tunnel ënner dem Rond-Point « Porte de Lamadelaine » oder d'Realisatioun vun der Zone d'activités « Grand-Bis » zu Rodan-

ge fir ronn 50 nei Betriber, fir d'Péitenger Gemeng kéinten asetzen.

CSV / CSJ GEMENG PÉITENG

FR

POURQUOI ROMAIN BECKER (DÉI GRÉNG) A-T-IL RENONCÉ AU POSTE DE DÉPUTÉ ?

Le parti chrétien social (CSV) constate avec étonnement que Romain BECKER (Déi Gréng) ait refusé le mandat de député auquel il avait droit récemment, en raison du poste devenu vacant dans la circonscription Sud.

En intégrant la Chambre des Députés, il aurait pu, à côté des deux autres députés issus de notre commune, lutter pour faire avancer certains dossiers d'une importance cruciale pour la Commune de Pétange, comme notamment l'apaisement de la circulation de transit sur l'avenue de l'Europe par la construction d'un tunnel en dessous du rond-point « Porte de Lamadelaine » ou encore la réalisation de la zone d'activités « Grand-Bis » à Rodange permettant à 50 nouvelles entreprises de s'installer.

CSV / CSJ DE LA COMMUNE DE PÉTANGE



ENG NEI MUSEKSSCHOUL FIR D'PÉITENGER GEMENG



Mat engem Effektiv vu momentan 530 Schüler ass déi aktuell Museksschoul vun der Gemeng Péiteng, wat d'Infrastrukturen an déi pedagogesch Méiglechkeeten ugeet, un hir Grenze gestouss, an de Projet fir eng nei an zäitgeméiss Museksschoul ass de 15. Juli 2019 am Gemengerot gestëmmt ginn.

Gebaut gëtt de Neibau am Zentrum vu Péiteng op de jëtzege Parking hannert der Shell Statioun (rue Batty Weber) an der direkter Noperschaft vun de Schoulen an der Maison Relais Reebou. Dëse Standuert ass gutt un den öffentliche Transport ugebonnen.

3200 m² si fir de Bau vun der Schoul virgesinn, an de besteoende Parking gëtt ënnerierdesch op 2 Etage verluucht wouduerch eng 97 Parkplazen entstinn.

Am Entréesberäich um RDCH kënn eng Buvette-d'attente mat Kitchenette a Garderobe. Weider sinn op dësem Niveau dräi gréisser Perkussionssäll, déi akustesches isoléiert ginn, dräi Klassessäll fir Solfègekursen an e Sanitärberäich virgesinn.

Op déi éischt Etage komme 7 Instrumentalsäll a 4 gréisser Säll fir Ensembles a Pianocursen. Schüler déi

dagsiwwer an Opfankstrukture sinn, oder Doheem keng Méiglechkeet hunn kënnen an der neier Schoul a 4 Kabinen prouwen. Weiderhin si jee weils ee Büro fir d'Sekretariat an Direktioun mat ugrenzender Konferenz an en Openthaltsraum fir d'Chargéen op dëser Etage programmiert.

Kläng Audiounen oder Receptiounen kënnen an engem gréisseren Hall, deen sech am Entréesberäich vum groussen Auditoire befënnt, ofgehalen ginn.

Zu enger Opwärtung vun der Schoulnotzung sou wéi och dem kulturelle Liewen an der Gemeng wäert den Auditoire vun 245 Platze bäidroen. En Auditoire dee bis dato an dëser Gréisstenuerdnung an der Gemeng feelt.

Professionell Akustiker zesumme mat dem Architekten- an den Ingenieurbüro schaffen um Gelänge vun dësem groussen Komplex deen en Devis vun 21 Milliounen opweist.

2023 sollen hei déi éischt Téin erkléngen.


RAYMONDE CONTER-KLEIN

Schäffen

FR

UNE NOUVELLE ÉCOLE DE MUSIQUE POUR LA COMMUNE DE PÉTANGE

Comptant un effectif actuel de 530 élèves, l'école de musique de la Commune de Pétange a atteint ses limites en terme d'infrastructure mais aussi en termes de moyens pédagogiques. Pour cette raison, les responsables communaux ont voté le 15 juillet dernier le projet pour un nouveau bâtiment qui sera implanté au centre de Pétange sur le parking derrière la station Shell. Le parking existant sera transformé en parking souterrain à deux étages avec une capacité de 97 places.



L'école aura une superficie de 3200 m². Un accueil-buvette avec petite kitchenette et garde-robe sont prévus à l'entrée. Trois salles de percussion et trois salles de classe pour le solfège seront installées au r.d.ch. Au premier étage se trouveront: le secrétariat, la direction, une salle de conférence, 7 salles pour les cours instrumentaux, 4 salles pour les ensembles et les cours de pianos ainsi que 4 cabines de répétition pour les élèves. Un Hall pour des petites auditions et des réceptions figurera également au premier étage. Une nouveauté sera le grand auditoire de 245 places qui optimisera les activités de l'école et la vie culturelle de Pétange. Ce projet de grande envergure a été voté avec un devis de 21 millions.

En 2023 les premiers sons vont retentir.

RAYMONDE CONTER-KLEIN

Echevine